LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Réponse de Monsieur le Ministre des Sports, Georges Mischo, à la question parlementaire n°2369 du 22 mai 2025 de l'honorable députée Mandy Minella au sujet de la SportFabrik à Differdange.**

1. Ass d'SportFabrik zu Déifferdeng aktuell erëm voll funktiounsfäeg a fir all Aktivitéite benotzbar?

Aktuell ass d'SportFabrik nach net voll funktiounsfäeg. Allerdéngs profitéieren d'Elittesportler weiderhi vum temporäre Laboratoire um 1. Stack, den zënter dem 29. November 2023 operationell ass. Verschidden Equipementer goufen aus organisatoresche Grënn scho vum 1. Stack zeréck an de grousse Laboratoire oder an anere Räim transportéiert.

Et ass weiderhi méiglech, Basis-Tester zur Bestëmmung vun allgemenge Leeschtungsparameter vun Elittesportler a verschidden Tester fir d'Verletzungspreventioun an de sougenannte „return-to-sport" no schwéiere Verletzungen duerchzeféieren.

2. Wa jo, zënter wéini ass dat de Fall? A wann nee, wéini gëtt domat gerechent?

No den aktuelle Previsioune sollen déi baulech Reparature vum Laboratoire Enn Juni 2025 ofgeschloss sinn. Och wann déi sougenannte Kraaftmiessplakken zur Miessung vun de Buedemkräfte bis dohin nach net alleguer wäerte reparéiert a geliwwert sinn, erlaabt déi zu dem Zäitpunkt disponibel Konfiguratioun et, de Laboratoire fir eng grouss Majoritéit vun den Tester erëm vollstänneg a Betrib ze huelen.

3. Wéi eng konkret Schied goufen am Summer 2023 festgestallt (materiell a finanziell)?

Am Summer 2023 gouf den Tëschebuedem vum Laboratoire ("*faux plancher technique*") komplett iwwerschwemmt, wouduerch beim techneschen Equipement besonnesch déi

sougenannte Kraaftmiessplakken, déi elektronesch Verkablung vun den Equipementer an d'Hydraulik vum spezialiséierte Lafband schwéier bis irreparabel beschiedegt goufen.

A baulecher Hisiicht war virun allem de Sportbuedem betraff an ass trotz Dréchnungsmoossnamen Schimmel an de Gippswänn an am Isolatiounsmaterial opgetrueden.

Nom aktuelle Stand wäerten d'Reparature vum Laboratoire ronn 1.100.000 EUR an d'Ariichtung vum temporäre Laboratoire mat den net beschiedegten Equipementer ronn 44.000 EUR kaschten.

4. Wat fir Schrëtt goufe mëttlerweil ënnerholl, fir d'SportFabrik virun zukünftegen **Héichwaasserbedrohungen ze schützen?**

Et besteet um Site vun der SportFabrik kee Risiko vun Héichwaasser. De Schued ass entstanen duerch eng Baustell, déi entretemps ofgeschloss ass.

**Lëtzebuerg, den 23. Juni 2025**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo